PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Ech hunn schonn a fréiere Froen no Erklärungen zur Aarbecht vun den Dierwiechter gefrot (n°3177 an 6753).

Mam Gesetz vum 4ten Dezember 1990 iwwert d'Organisatioun vun den Dierwiechter an dem ofgeännerte Reglement vum 24ten Januar 1991, ginn d'Präisser, déi Dierwiechter dierfe froen, festgehalen. D'Dierwieschter mussen awer keng Bilanen virleën, an de Justizministère deem se ënnerstallt sinn, weess net wéi vill si mat hiren Etüde verdéngen.

D'Dierwiechter brauche fir hir Aarbecht awer och d'Ënnerstëtzung vu Polizist:innen, zum Beispill wann et zu Zwangsräumunge kënnt. D'Stonnen, déi d'Polizist:innen hei leeschten, sinn also ee Käschtefacteur fir de Staat.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi oft hunn an deene leschte 5 Joer musse Polizist:innen den Huissieren zur Säit gestallt ginn? Wéi vill Stonnen Aarbecht ass hei fir d'Andreiwung vun de Scholde geleescht ginn?

2. Gëtt de Staat fir dës Aarbecht vun de Polizist:innen vun den Huissieren entschiedegt?

3. Am Fall wou eng Famill muss hiert Doheem verloosse well et versteet ginn ass, gëtt hei direkt den Office social vun der Famill informéiert? Wa jo, wéini gëtt den Office social iwwert d'Situatioun informéiert?

4. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Aufgabe vun den Dierwiechter:innen sollt an den Aufgabeberäich vun de staatleche Justizautoritéiten zréck kommen? Wëll d'Regierung den Dierwiechterstatut verstaatlechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten